Meedercher duerften als éischt erangoën an kuerz duerno d'Jongen…Séier an den Bikini, Maillot an Schwammbox, ënnert Dusch mat Seef gewäsch an schon konnt ët laasgoën. Paco, Emys an ech mir hun eis bëssen méi ëm eis kleng Beaver gekëmmert déi nach nët oder nët sou gudd konnten schwammen. Die aaner hun sëch och an kleng Gruppen forméiert an hun mol alles erfuerscht. Dobaussen gouf ët en Séiss- an en Salzwaasserbecken dien groussen Succés fonnt haat bei eisen Explorer+Cheffen fir Scouten an aaner Cheffen wëllen ze zappen…mee daat wees een jo schon ier een matgeet an daat gehéiert dozou. Nodeems mer den Mond, d'Nues, d'Oueren gudd geschwänkt kruuten, sinn mer erëm erangaangen fir déi ganz Rutschbahnen ze testen. Als éischt eng bëssen méi lues, an duerno déi mat den Reefer an an an. Mee déi Bescht wor définitiv die „Wëll Baach“. Hei konnt een direkt zu méi zesummen rutschen an sëch richteg austoben, gell du Paco .
Leider wor dun och schon nees Zäit fir an Dusch ze goën, fir dat mer fir 17 Auer nees färdeggeföhnt an der Entrée konnten sinn. Nach emol Kanner oofgezielt dat mer keen an der Vestiaire vergiess hun, duerno bei den Bus gaangen fir nees Richtung Lëtzebuerg ze fueren.
Alles sollt jo super laafen, d'Kanner an d'Cheffen haaten e flotten Daach erliewt, mir woren mat Zäiten fortgefuer, mee ët haat keen eis gesoot dat e Camion am Kreesverkéier zu Helléng ëmgefall ass an dofir en groussen Stau produzéiert huet. Sou haaten mir en klengen Retard vun enger Stonn.
Heimadder wëll ech den Elteren nach emol Merci soën fir hier Gedold um P&R Howald, mee wéi gesoot, mir woren nët Schold , an mir wärten sou eng Gruppensortie sëcher nach eng kéier widderhuelen... .







Text: Tamia - Foto: Paul

# Rapport Grillen 22. Juni

Rapport Grillen 22. Juni

## Grousherzoginsgebuertsdaggroussgaassgegrills (GGGGG)



Huhu, et ass rëm Nationalfeierdag. Firwat ech mech esou freeën? Well dem Grand-Duc säi Gebuertsdag gefeiert gëtt? Well de Fakelzuch duerch d'Stad geet? Well eng méi lass ass an der Stad? Well ee Freedefeier an d'Luucht geschoss gëtt?
A wouhier  well d'Lions Bleus deen Dag bei Kaiffesch an der Groussgaass grillen .
Et geet näischt iwer eng gutt Organioun an ech zéien all Kéier den Hutt virun esou Organiounstalenter wéi z.B. eisem Maki, dee sech nom Groussgaasgegrills vum leschte Joer schéi brav a suergfälteg opgeschriwen huet, wat gebraucht gin ass, wat gefehlt huet, wat zevill wor, ... an dat ass dëst Joer gerétscht wéi näischt. Hei woren d'Kabelbinder prett fir de Fändel vun de Lions Bleus opzehänken a fir d'Spotten ënnert dem Prabbeli zerguttst ze riichten, do wor dat richtegt Geschiir prett fir d'Gejicks ze präparéieren (Bréidercher opschneiden, Fleesch a Gedrénks gutt kill ze hunn niewt deem waarme (jo, e wor immens waarm!!) Grill ...



Eng Onmass vu Leit huet sech bei beschtem Gebuertsdagswieder an der Stad duerch d'Gaasse gedréckt, fir deen éischten, dee schéinsten, dee gréissten oder och dee beschten Lionslinger ze kropen  ma vläicht hu mer deen éischte selwer giess, fir en ze testen ... oder vläicht wor e verkuelt  ech weess et net mi genee. Abbee, mat der Hällewull vu Leit ass et mat 100 à l'heure lassgaang a mer si Vollgaass an d'Aarbecht gestierzt  di eng um Grill, di aner um Comptoir, nach anerer bannen (fir nach weider Këschte Bréidercher opzeschneiden, Gedrénks a Fleesch nozefëllen), nach anerer hunn d'Supervisioun gemaach, fir datt och wiirklech alles mat Zäit op där richteger Plaatz wor  je, et wor excellent Teamwork, wou deem enge säi Schaffen an deem aneren säint iwergaang ass. No deem éischte Stuerm hate mer och en effizienten Aarbechtsoflaf an et huet nëmmen esou gefluppt.



Ech ka mech leider net mi genee erënneren, ma et wor géint 23.00 Auer, du ware mer eng Zort Fleesch scho lass (a mengt net, mer hätten ze kleng gesi gehat) an nach ëmmer wore vill Leit fatzeg hongereg an duuschtereg.
Ech ka vum Enn dës Kéier näischt verzielen, well ech hu mech bal net mi konnten op de Been hale vu Middegkeet, wéi ech de Pic an de Paul aleng beim Grill zréckgelooss hunn. Leider hunn ech och excellent Händsche géint d'Hétzt zréckgelooss, déi ongléckl echerweis nach net opgetaucht sinn. Ech wier immens frou, wann ee weess, wou déi Feierhändsche sinn a mer se zréckgëtt merci am Viraus. (se si roud a gi bis an d'Halschent vum ënneschten Aarm)



Ech hat och keng Loscht op iergend ee Freedefeier, ma ech hu mech mam Vëlo Richtung Auto gemaach. Just do hat ech ee klitzeklengen Denkfehler agebaut  ech hat den Auto déi Säit vun der Péitruss stoen an iwert di eng Bréck ass et net dohiner gaang, well vu do aus ee Freedefeier an d'Luucht geschoss ginn ass an iwert di aner Bréck ass et guer net gutt gaang, well do vill, immens immens vill Leit stoungen. Zut! Superzut! Allez, ech probéieren et awer. Ech weess net, op der iech dat kënnt virstellen, ma ganz aleng hätt ee sech just mat Méih an Nout duerch dat Gewulls kënnen drécken. Ech Topert hat awer nach ee Rucksak an ... e Velo!! Ech hun e puer Mol gemengt, ech misst mäi Velo einfach iwert d'Gelänner vun der Bréck gehaien, fir datt ech e lass wier, oder en un d'Gelänner ustrécken an den Dag drop siche kommen. Et wor mer fir ze kräischen! Ech denken, et wor Chance, datt just hannert mit e puer rauh Bridder och wollten iwert d'Bréck an d'Leit gemengt hunn, datt déi zu mir géife gehéieren, well soss hätt ech der garantéiert méi wéi eemol an d'Zänn kritt.
Ech freeë mech schon op dat anert Joer a melle mech schon u fir ze hëllefen

Stadbriedemes, den 9. September 09 by Pappi (Merci)

## Pow-Wow 2009 um Misäershaff



Zum Schluss vun engem Scoutsjoer, stoung och dest Joer erem den Pow-Wow um Programm.

Em 9 Auer haaten mier um Glacis onsen R.V. Die 6 Beaver, also d´Ketty, d'Amélie, d'Lucie, den Mattheo, den Esteban an den Arthur woren rechtzaiteg um Rendez-vous. Et huet gereent ewéi mat Eemeren! D'Elteren stoungen mat hieren Kanner ennert den Prabelien an zesummen hun mier dun sehnsüchteg op den Bus gewaart. Kuerz drop goung et zack zack an schnell sin esou blo Léiwen an den Bus gedüst, fier endlech dreschen ze setzen. D'Elteren hun séier daat selwecht gemaach an hun sech an hier Autoen verkroch. An lass goung et!!

Wou mer um Misäershaff ukoumen haaten d'Wolleken baal keen Reen méi zu Verfügung an et huet nemmen nach deelweis gefissemt.



An Etappen sin mer aus dem Bus erausgeloos gin. D'Explorer an d´Scouten haaten e méi laangen Trajet ze goen ewéi d'Meute an d'Colonie. Schlussendlech, sinn mier puer Beaver, mam Kodiak an Nandu um Misäershaff selwer erausgeklommen. Op der Plaatz, huet all Colonie missten waarden, bis sie den 1. Posten bei der Beavercommissaire konnten maan. Beim 1. Posten goung et iwwert Thema Waasser an wéivill Waaser verschidden Déieren respektiv mier Menschen géingen brauchen, fier iwwerhaapt können ze iwwerliewen. D'Beaver hun gud missten nolauschteren, well vlait konnt een di netzlech Informatiounen speider bei engem Spill jo nach gebrauchen. All Colonie kruut och nach e Froebou fier mat ennerwee an lass goung et.

Ennerwee hun mer missten op schwiereg Froen beäntwerten, respektiv verschidden Traapen zielen, verschidden Zorten Beem opschraiwen, déi een gesinn huet ennerwee, speziell Blummen mat hierem Numm nennen an esou weider. Den Trajet selwer wor en Piste-Poste. Ennerwee hun mer dunn lauter Posten gemaach, ewéi Waasertransport, Schmaachspill, Fotomemory (Fotoen aus dem Nepal), Wiewen mat Stoffreschter an Experimenter.



D'Paco haat deen 1. Posten am Besch an zwar den Waasertransport. D'Beaver kruuten en Helm mat engem Deppchen Waasser op den Kapp an sie hun missten iwwert en Labyrinth aus Ficellen goen, ouni widder ze kommen an ouni Waasser ze verléieren. Wann een widder komm ass, huet et geschellt, well un den Ficellen woren lauter kleng Schellen gestreckt. Et wor en flotten Wee duerch den Besch. Heiansdo huet een bei den Posten e bessi missten waarden, mä déi Zäit hun ons Beaver gud genotzt, fier den Besch an hier kleng Déieren ze entdecken. Ennerwee hun mer och eng schéin Plaatz gesicht, wou een herrlech konnt picknicken. D'Wierder wor dunn erem immens. D'Jacketten sin ausgeschmass gin an mer hun ons deen laangen Wee an d'Wiss geluecht an hun gud giess an gerascht.



Mat vollem Mo, gount er erem lass, bis bei deen läschten Posten, wou mer flaisseg e puer Experimenter gemaach haaten. Dorno stoung nemmen nach eng wichteg Aufgaab vierun der Dier an zwar wor daat den Eliminatoiresposten. Dess Aufgaab wor net ganz einfach. Um Desch woren lauter Fotoen vun Déieren gepescht. D'Beavercommissaire haat aaner Fotoen am Grapp an zwar lauter verschidden Fotoen mat ennerschiddlechen Quantitéiten vun Waasser. All Beaver,déi ganz am Ufank vum Daag gud nogelauschtert haaten, haaten et net schwéier déi richteg Foto bei daat richtegt Déier ze leen. Eis Beaver haaten dest ganz gud gemaach an haaten alles richteg. Bravo!! Séier hun mer ons dunn Richtung Partie Officielle missten begannen.Do ukomm, ass d'Opreegung eréicht richteg lass gaangen. Mier sinn gewuer gin, datt mier mat deenen meeschten Punkten an der Finale vun der Trophée derbai woren. Flaisseg an och ganz opgereegt, hun mer ons Lait.

# Rapport Pow-Wow Rapport Pow-Wow



Zesummen gesicht an d´Spill fier Trophée ass nach eng Kéier séier nogeliess gin an e bessi geübt gouf och nachD'Fro wor:“Ween vun ons kann iwwert 1 meter héich Hürfe sprangen?“ Séier ass eng Ficelle gespaant gin an verschidden Lait hun probéiert driwwer ze sprangen, waat awer net méi emmer esou gelengt, gell Kodiak?!! Daat ass wuel naicht méi fier déi mi eeler Bieren?!! Schlussendlech hunn mer ons Équipe fonnt, déi an der Trophée matgemaach hun: d'Amélie, den Max, den Raphael, den Christophe an den Lex!!

Während der Trophée hun ons 5 Lait déi ganz Saach och nach ganz spannend gemaach. Am Ufank huet alles ganz gud ugefaangen. D´Saachen sinn iwwert Hürden gehait gin, alles mat Systèm. Den Christophe haat schon mam Lach gruewen als éischten ugefaangen, wou hien kuerz drop ennerbrach gin ass, well hien op der falscher Plaatz gegruewen huet. Elo ass alles ganz séier gaangen. D'Neel sinn ageschloen gin, d'Ficelle ass ronderem geweckelt gin an bei deenen 2 aaneren Équipen stoung den Mast schon esou gud wéi am Lach, wou ons Équipe gemierkt huet, datt een Nool net gehaalen huet an an d'Graas gefall wor. Sie haaten den Nool awer séier erem fonnt an hun sech net an hierer Rou, sou huet et emool ausgesinn, stéieren geloos!!! Déi aaner 2 Équipen haaten Schwieregkeeten hieren Mast am Lach zum Haalen ze brengen an esou hun mier ons Chance erem ergraff an hun onsen Mast an d´Lach gestallt, hun d'Kailen derbai geschloen an et konnt keen et gleewen, hun mier onsen Fändel erop gezunn, hun ugeschloen an Lions Bleus geruff. Eis Équipe an mier all sinn schon vun lauter Freed an d'Luut gesprongen, mä onsen Mast stoung e bessen kromm an di aaner 2 Équipen woren och färdeg mat hierem Mast. Elo huet d´Jury sech zesummen gedoen an huet ons d`Lions Bleus zum Wenner vun deser Trophée 2009 gemaach!!!



Dessen Daag wor wonnerschéin ausgaangen an mer sin stolz mat der Trophée erem mam Bus Richtung Glacis gefuer, wou d'Elteren schon op ons gewaard hun.

Vum Nandu



# Rapport Misäraqua Rapport Misäraqua

## Misäraqua vum 18. -27. Juli 2009 um Misärshaff

72 Guiden a Scouten aus 5 Gruppen sin de Samsten den 18. Juli op de Misärshaff béi Uerschdrëf gefuer. Fir déi nächst 10 Deeg as de Camp béim Misärshaff, de FNEL hieren Formationscenter hier néi Heemescht

Déi Jonk sin tëscht eelef a 18 Joër al a kommen aus dénen verschidden Fnel's Gruppen aus dem Lëtzebuerger Land (**Les Lions Bleus Bonnevoie**, Dachsen vu Dippach, Mamer Wiselen, Piwitschen vun der Cap an Panthère Noires vu Lorentzweiler). Geleed goufen si duerch déi verantwortlech Chefen, Chef de Camp Manon Fischer (Lions Bleus) an engem teschnesche Grupp vun 15 Chefen.

Thema vum Camp, wéi de Numm et sët “Misäraqua”. “Misär” haate mer beel keen, ausser das d’Wieder net esou richteg matgespillt huert. “Aqua”, daat war onse roude Fuerdem am Programm, woubéi sëch ons d’Haaptactivitéiten ëm d’Element d’Waasser gedréit hun.

Um Camp war och d’Presse vertrueden, et sin ganzer 3 Zeitungen eraus komm wou d’Chefen sech virgestallt hun, mat Zitater a natirlech mat vill Fotoen.

Um Programm vum Camp stin niewt dem Zesummenliewen an der Patrull an Harmonie mat der Ëmwelt, ganz flott Activitéiten.
No der officieller Ouverture vum Camp, den 18. Juli owes, gin d’Scouten a Guiden an d’Explorer op den Hike vun 2 Deeg.

All Daag présentéiert sech en animéiert Campliewen mat Spiller, Scoutstechniken, Bastelen, Sport, enger Visite op Martelëng an d’Schiwergrouf, ëngem Jeux de Ville zu Arël, Hochseilgarten zu Veianen, Waasserski zu Esch-Sauer an zum Schluss nach onsen BA Dag um Misärshaff. Owes gëtt dann zesummen gekacht an gemittlech Zält mateneen verbruecht. De Camp as den 26 Juli op en Ënn gangen mat enger grousser Ofschlosszéromonie.

Kodiak



# Elternversammlung
Elternversammlung



Léiw Elteren,

En neit Scousjoer huet ugefangen an elo as erëm Zäit vir eng Elternversammlung ze maachen. Dofir lueden mir Iech Elteren vun den **Beaver / Wëllef / Scouten an Explorer** häerzlech den **24.Oktober 2009** bei ons d'Home an.

Mir géifen Iech gären iwwert den Programm vum Scoutsjoer 2009-2010 an onse grousse Camp informéiren. An ausserdem wärten mir och mat vill Freed op är Froën äntwerten. Fir Gedrënks an Knabberen as gesuergt.

Wéini**:** Samsdeg, den **24. Oktober 2009** um **16.15** Auer zu Bouneweg
Wou: Am Home Lions Bleus zu Bouneweg (61 rue de Pulvermühl)
Schluss: Daat hängt vun ären Froen oof

Mir wären frou wann ganz vill Elteren vertrueden wieren well sou kréien mir villeicht en Feedback an hun d'Méiglechkét eis ze verbesseren.

Bis geschwënn

Är Cheffenéquipe

# WANDROUS NEWS
Wandrous News




## Kalenner 2010

Jo en as erëm gléich do, den néien FNEL's Kalenner fir d'Joër 2010. E wichteg Stëck, daat an all Haus net fehlen dierf. Praktësch as en och nach dobéi wëll dier kënnt Iech all Lions Bleus Datumer héi dran vermierken wéi och är Privat.

Wou krid ën daat gud Stëck, natirlech am Lions Bleus Shop fir ganzer 5 € ab de 15. November 2009

Das mer net drop sëtze bléiwen gin et just 30 Lions Bleus exemplairen. Dofir réservéier dir déi Kalenner schons.




---

Lions Bleus Shop

De Lions Bleus Shop as fir nächst op vun 15h45 bis 16h15 den:
10/10/2009 - 21/11/2009 - 12/12/2009 - 23/01/2010 - 6/03/2010 - 24/04/2010 - 5/06/2010 - 3/07/2010

---

Pow-Wow 2009 auf dem „Misärshaff" bei Arsdorf

# Ganz in alter Indianertradition

Krönender Abschluss des Scoutjahres unter dem Motto „Scouten ouni Grenzen"

**Am Sonntag lud die zweitjüngste Scoutgruppe des Landes, die „Rammericher Fräschen", zum großen Pow-Wow, dem alljährlichen Abschluss des Scoutjahres, auf den „Misärshaff" ein. Dem Ruf folgten rund 800 Leute, darunter die verschiedenen nationalen Scoutklassen „Beaver", „Wëllefcher", „Scouten", „Explorer" und „Rover".**

Das Besondere an dem diesjährigen Pow-Wow war aber nicht nur die große Veranstaltung, ganz in alter Indianertradition, sondern auch die Anwesenheit der ONGD-FNEL, deren 20jähriges Bestehen im Rahmen des Pow-Wow 2009 gleich mitgefeiert wurde.

Morgens um 10 Uhr ging es los, der Pow-Wow, das große Event, war eröffnet. Eine Waldrallye stand an, auf der die Scoutgruppen auf 23 Posten Fragen zu den Themen Natur, Umwelt und Solidarität beantworten mussten. In diesem Kontext hat die FNEL zum ersten Mal auf das Wissen und die Kompetenzen externer Organisationen zurückgreifen können. Denn zu dem Event hatten sich in diesem Jahr auch Vertreter der Caritas, von Greenpeace und der Superdreckskëscht eingefunden, die an drei der 23 Posten bei den Fragen und Spielen zu Themen wie Entwicklungshilfe, fairer Handel, Kinderrechte, Wasser, Alternativenergien, Mülltrennung usw. behilflich waren.



**Siegerehrung** *nach dem harten Kampf um die Trophäe.* *(FOTO: TATIANA BIEVER)*

Am Nachmittag war dann der offizielle feierliche Abschlussteil des Pow-Wow, zu dem sich dann auch alle aktiven Mitglieder sowie Freunde der FNEL auf dem Misärshaff eingefunden hatten. Eröffnet wurde die feierliche Zeremonie von Philippe Turk, nationaler Präsident der FNEL, und auch der anwesende Bürgermeister der Gemeinde Rammerich, Tony Rodesch, drückte seine Freude über die zahlreich vertretenen Scoutgruppen und die vielen Besucher der Veranstaltung aus.

Anschließend fand der Wettbewerb um die FNEL-Trophäe statt. Die drei Siegergruppen des morgendlichen Rallyes traten gegeneinander an. Den dritten Platz ergatterten die „Les aigles" aus dem Rollingergrund, zweitbeste wurden die „Lion bleu" aus Bonneweg und den Siegespreis erkämpften sich die „Loutres" aus Mersch.

Nachdem die Trophäe in die Hände der Sieger übergegangen war, fanden noch verschiedene Ehrungen und Auszeichnungen statt, u. a. erhielten folgende Scoutmitglieder ihr „Laurier d'or": Paul Berna (Kiewerlecken, Strassen), Armand Boos (FNEL), Caroline Brausch (Castors, Schüttringen), Claire de Jager (Feldmais, Ehleringen) Anne Ewert (Les Loutres, Mersch), Lynn Feyereisen (Castors, Schüttringen), Jacques Gallo (Panthères noires, Lorentzweiler), Emmanuelle Gasperi (Castors, Schüttringen), Lexy Grosbusch (Kiewerlecken, Strassen), Elisa Labiano-Jensen (Telstart, Luxemburg), Isabelle Strauss (Feldmais, Ehleringen), Michel Turk (FNEL), Benoit Wagener (Kiewerlecken, Strassen), Dany Weber (Panthères noires, Lorentzweiler), Léini Weber (Kiewerlecken, Strassen). Abgeschlossen wurde der Pow-Wow 2009 mit der „Chaîne des adieux". (tan)

QUELLE: WORT 14/07/2009

---

Explorer - Rover - Comité - Explorer - Rover - Comité - Explorer - Rover - Comité - Explorer - Rover

## Schaffdag am Home Lions Bleus



D'Fenstere si knaschteg, d'Hott fëtteg, Maure beschmiert, riwerall Spawëcken, Luchten déi net méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sin an ... .

Domader soll elo schluss sin. Dofir gesi mer ons de Weekend fum 21-22. November 2009 am Home vun de Lions Bleus. De ganze Weekend kascht néischt **0 €** awer e Kuch oder Tart daat soll awer net déi Schuerd sin.

Ufank: 21/11/2009 um 8h00 Auer am Home
Schluss: 22/11/2009 um 17h00 am Home
Umëllen: bis den 17/11/2009 ënnert dem 691 50 50 57 oder eng mail op kodiak@vo.lu schécken.

---

Roverweekend den 5.-6. Dezember 2009 zu ???

Der Wandrousredaktion léit nach näicht punkto Roverweekend fir. Et wier gud wann d'Organion der Wandrousredaktion oder de Gruppechef an d'Bild géif sëtzten. Merci !!!

---








De LIB mëngt:

D'Wandrous-redaktion frët sëch ëmmer wa flott Kaarten an der d'Wandrousbréif-Boîte léien. Wëlls do och déng Kaart an der Wandrous gesin da schëckse un:

Les Lions Bleus
a.s.b.l.
B.P. 1026
L-1010
Luxembourg













Gruppeversaamlung den 19. September 2009

Héi d'Gewënner vun der Gruppeversammlung:
4 Platz: Equipe 1 - Maiti / 3 Platz: Equipe 4 - Romain - Catherine / 2 Platz: Equipe  - Soa /
1 Platz: Equipe 2 - Chouette/Emys

# et schengt

et schengt

01) wei wann d'Wandrouse elo interkontinental gett an elo an Kanada gelies get
02) wei wann de Prési (net de Kéis) seng feminin Seit gewisen hätt
03) wei wann d'Miniplaybackshow um Misäraqua een Heichpunkt gewiecht wier
04) wei wann de Prési seng Vakanzevalis net geif selver paaken
05) wei wann d'Garage vum Waaserski um Misäraqua net gut organiseiert gewiescht wier
06) wei wann d'elteren um Leiwefest mat vier Rawi gesuergt hätten, e groussen Merci verdengt hätten
07) wei wann d'Pony seng fierfart geholl krut
08) wei wann d'Bambi geint den Elch de Kierzeren gezunn hätt
09) wei wann d'Trophee rem heem komm wier
10) wei wann d'Cheffenkichen um Summercamp top Equipeiert gewiecht wier
11) wei wann en neien Wand geif duerch d'Wandrousredaktion blossen
12) wei wann eng nei provisorech LBB Homepage um Netz wier
13) wei wann eisen exklusivsten Whirlpoolvertrieder glaich keng Platz am Pool hätt
14) wei wann eng gréisser Fusion zustaannen komm wier
15) wei wann am August nees en Fiichtfräleschen Holzmaachweekend wor
16) wei wann den Misäraqua mega flott wor an groussen Succès bei den Participants a Visiteuren haat
17) wei wann den Zigéinergroup dësen Summer wéilt op Tournée goen
18) wéi wann eis Gruppefillen dëst Joër brevêtéiert gin as
19) wéi wann d’Wandrousredaktion vun dénen zwee hartnäckesten Viren H1N1 an Trojaner gouf
20) wéi wann onsen decken Bier Reklammen per MMS aus der Corse geschéckt krut
21) wéi wann dëssen et schengt dé laschten fir dës Nummer wier

# et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

01) wei wann den Prinzessinenclub elo een Member manner op der Lescht hätt
02) wei wann e Problemer mat Glitzer hätt
03) datt nei Stären entdeckt gi wieren(Ein Stern…)
04) dat den Delläas eng kleng Reserve u kalzingen hätt
05) datt Kanner hu missen um Dreschenen hier ronnen Zeien
06) datt sos vill leit hongrech hem gangen wieren
07) datt eng Teitsch an senger klenger Vollekskutsch wier
08) datt trotz 30 m Fluchstreck keng greisser Teitsch am Auto font gi wier
09) datt d'Korruption elo och an den Zeitungen ukomm wier an dei Schwaarz giel vun uewen hieren falschen Erfolleg gefeiert hätten
10) datt d'Kichenéquipe eng Parteipation um Bocuse d'Or verdengt hätt
11) wei wannden neien Look iwwerzeege geif
12) dat 3 verschidden Addressen vum Home d'Besicher an d'Ier giff dreiwen
13) dat den Storche gléich zu Izeg iwert dem Horizont e Päckelchen wärt oofgehäien
14) dat d’Force Publique an CSI allias RTL sëch d’Jo Wuert gin hun an fir ëmmer tréi sin
15) dat Owes Soirée mat engem dekadenten an sexy Fotoshooting oofgeschloss gin as
16) dat d’Presse sëch ëm d’Exclusivitéit fier d’Publication fum Artikel zerstridden huert
17) dat si Corse als d’Ziel eraus gesicht hun an mussen béi bauen fir d’Umelldungs Souchen ze verwalten
18) dat dëssen Truppechef sëch elo endlech dierf ass. Chef de Branche nënnen
19) dat se eng Kur verschriwen krut an der Hospifay fir mat Antiviren behandelt ze gin
20) dat en eng Fräischaltung béi der Post muss ufroen fir dës kënnen ze kucken
21) dat mer an der Wandrous no 326 och 21 et schengten hun

*les amis des lions bleus*

Melle Meyer Arlette - MM Majerus TIna - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M.Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D’ Wandrous no 324 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Tamia, Lex, Paul a Tameng

**Un der WANDROUS N°325 hun matgeschafft:**
Pappi / Nandu /Grizzly, Paco, Max, Ketty a Laska / Wort / Maîtrise Beaver - Wellëf - Scouten a Explorer / Techuana Equipe / Staff Corse 2010 / Anouk, Georges, Lena a Lex / Tamia

# Programm Wandrous

de Wandrous - Programm

## oktober'09

| | | |
|---|---|---|
| Do | 1 | Scout-Shop 17:30-19:30 |
| Fr | 2 | |
| Sa | 3 | MONTÉE |
| So | 4 | MONTÉE |
| Me | 5 | |
| Dë | 6 | |
| Më | 7 | Permanence |
| Do | 8 | |
| Fr | 9 | |
| Sa | 10 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 11 | |
| Me | 12 | |
| Dë | 13 | |
| Më | 14 | Permanence |
| Do | 15 | |
| Fr | 16 | |
| Sa | 17 | VIIZ-WEEKEND Trupp/Explorer<br>Scout-Shop 9:00-12:00 |
| So | 18 | VIIZ-WEEKEND Trupp/Explorer<br>VIIZ-SORTIE Beaver/Meute |
| Me | 19 | |
| Dë | 20 | |
| Më | 21 | Permanence |
| Do | 22 | Scout-Shop 17:30-19:30 |
| Fr | 23 | |
| Sa | 24 | Beaver/Meute/Patrull/Explorer<br>Elterenversammlung 16:15 |
| So | 25 | |
| Me | 26 | |
| Dë | 27 | |
| Më | 28 | Permanence |
| Do | 29 | |
| Fr | 30 | |
| Sa | 31 | keng Versammlungen |

## november'09

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| Sa | 7 | keng Versammlungen<br>Allerhelljeweekend Trupp |
| So | 8 | Allerhelljeweekend Trupp |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | Permanence |
| Do | 12 | Scout-Shop 17:30-19:30 |
| Fr | 13 | Rover-Quiz (FNEL) |
| Sa | 14 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 15 | |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | Permanence |
| Do | 19 | |
| Fr | 20 | Wandrouseinsendeschluss |
| Sa | 21 | Beaver/Patrull/Explorer<br>SCHAFFWEEK. & SORTIE MEUTE |
| So | 22 | SCHAFFWEEKEND<br>Explorer/Rover/Cheffen/Comité |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | Permanence |
| Do | 26 | Scout-Shop 17:30-19:30 |
| Fr | 27 | Wandrousredaktionsschluss |
| Sa | 28 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 29 | |
| Me | 30 | |

## dezember'09

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | Verre de l'amitié |
| Më | 2 | Cogra |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | KLEESCHEN LBB |
| Sa | 5 | keng Versammlungen<br>ROVER-WEEKEND LBB |
| So | 6 | ROVER-WEEKEND LBB |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | Permanence |
| Do | 10 | Scout-Shop 17:30-19:30 |
| Fr | 11 | |
| Sa | 12 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | Elterenversammlung TECHUANA<br>Permanence |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | |
| Sa | 19 | KRËSCHTCAMP<br>Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 20 | KRËSCHTCAMP<br>Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| Me | 21 | KRËSCHTCAMP<br>Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | Permanence |
| Do | 24 | |
| Fr | 25 | |
| Sa | 26 | keng Versammlungen |
| So | 27 | |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | Permanence |
| DO | 31 | SYLVESTER |

# Allerläscht Wandrous - Säit

**www.lionsbleus.lu**

